

=====  
En Ulk fir d'Chröschtzeit  
=====  
aus dem 0000  
0000 o n g o.

Perso'nen

D'Joffer Maly Brummeg, }  
Anna, hir Kächen Granzeg, } hir Fröndinnen Ninette, }  
Ginette, } hir Niésen

Szénerie:

Bessert Zömmer, 2 Diren, eng no baussen, de' äner an en Niéwenzömmer.

1. Szén Maly, Anna

Maly: (stét op aus der Fotel, wann de Vorhang opgét, zum Anna dät virun hir stét): Ech lée mech nach eng Ve'ereilstonn, Lösst mech awer net ze läng schlöfen, well ech kre'e Besuch.

Anna: Ah, jo! Er zwo' Niésen, gelt?

Maly: Meng Niésen? Nén! De' zwo' Lätzen ge'fe mir grad nach félen. Fir mir d'Haus op d'Kopp ze stellen. - A watt de' alles zesummeffriessen!! De ganzen Däg sin se um Knaen - we' wann hir Mō e Lach hätt. - Nén, virun dénen 2 si mir secher, ech hun hinne geschlechter ofgeschriwen.

Anna: Geschter? Sollen sie dann alt de Bre'f zur Zeit kritt hun?

Maly: Anna, ech biéden dech, mōl mir net den Déiwel un d'Wand. Ech hun de Bre'f zur Zeit ofgin. Wann hién nēt richtig ukönt, da verklär en ech d'Post. - a frōen Schuedenersätz.

Anna: Mā wié könnt dann?

Maly: Meng zwo' Fröndinnen, D'Mme. Brummeg an d'Mme. Granzeg.

Anna: Eu jé!

Maly: Anna, wāt erlābs du dir? Ech verbidden der meng Fröndinnen ze kritise'eren. Et sin 2 le'v Dammen. - Eso' we' ech!

Anna (sche'sst lass): Eso' we' dir??

Maly: Hun ech vleicht recht?

Anna: Awer secher! 2 le'v Dammen eso' we' dir, dät hun ech mir schon ömmer geduecht.

Maly: Also, elo gin ech. An enger halewer Stonn könnt du mech ruffen. (of)

Anna: Jo, Joffer! (op d'Seit): Ech werd mech hidden. Vu mir aus soll se schlöfen bis jengster Däg. So' lang sie schle'ft ass we' negstens Ro'h am Haus. - Awer de' 2 Médercher donge mir léd, datt sie in kommen dürfen. Eso' eng Geizschläng! De' hättensie bestömmt net a giés! - An- 't wir we' negstens emol Liéwen am Haus gewiéescht. 't versauert é jo dach bei dém élen Dräch! - Schued, awer wāt kann ech mächen? Ech kann et net änneren! - W Awer ech ge'f lāchen, wann sie dach ke'men...

2. Szén Anna, Ninette, Ginette.

(De' 2 kommen iwer dem léschte Sätz eran)

de' 2 (zesummen): Hei si mir schon!

Anna: We'? - Wāt? - ja! ---

Ginette: Oh jé, dir staunt eis jo un we' e Mīrwonner!

Ninette: Dir kennt eis wuel net me'?

Anna: Awer secher! Awer secher! Herzlech welekem! Dō werdt d'Tatta awer Aen mächen.

Ninette: Mir hun hir dach geschriwen, datt mir ke'men.

Ginette: Ass eise Bre'f dann net ukomm?

Anna (verléen): Ah jo! - dät schon ... awer -- nāhmlech...

Ninette: Dō stömmt eppes net.

Anna: D'Tatta huet iéch nāhmlech och geschriwen.

Ginette: Eis?

Ninette: Mir hun awer neischt kritt.

Anna: Dät hun èph mir gleich geduecht.

Ginette: Wāt sto'ng dann an dém Bre'f?

Anna: An dém Bre'f... nāhmlech... also...

Ninette: Eraus mat der Spröch!

Anna: Sie huet iéch ofgeschriwen!

Ginette: Ofgeschriwen??

Ninette: A fir wāt dann?

Anna: Fir wāt? Weil dir d'ganz Haus op d'Kopp stellen, an d'Tatta awer friesse ge'ft!

Ninette: Dät ass ewe'neg starken Tubāk.

Ginette: Ech si platt!

Anna: A wāt sôt dir elo?

Ninette: Eso' eng Geizschläng!  
Ginette: Pfui, Deiwel!  
Anna: Ganz meng Ménong! Eso' eng Geizschläng! Pfui Deiwel!!  
Ninette: Mir sin elo emol eng Ke'er hei!  
Ginette: A mir bleiwen!  
Ninette: D'Tatta wërdt platzen!  
Anna: Gléwt dät net, De! Fréa mecht se iéch nat!  
Ginette: Mir müssen eis rächen!  
Ninette: Jo, rächen, awer we' ?  
Ginette: D'Tatta muss hir Ströf kre'en.  
Ninette: Mir ze'hen eis fir e Moment zreck.  
Ginette: Awer mir kommen erem.  
Ninette: Anna, dir söt der Tatta einstweilen net datt mir hei sin.  
Anna: Ech wërdt mech hidden. Ech kömmere mech net em Familjesächen.  
Ginette (geheimnesvoll): Ech hun é Plang... D'Tatta soll un eis denken.  
Anna (virwötzeg): Mä, wät hut dir da vir?  
Ninette: Dät ass eist Geheimnes.  
Ginette (wichtig): Könnst dir schweigen?  
Anna (lét d'Hand op d'Herz): We' e Gräw!  
De' 2: Mir och! (Lächend of)  
Anna: Nu kuckt iéch emol eso' eppes un! .. Ech si virwötzeg wät se  
ausgeb're'ht hun. - O jo, der Aler ge'f ech et vun herze gönnen,  
wann sie emol eng Ke'er richtig erbeigehöll ge'f. Awer de' ass  
mat alle Wässere gewäsch. De' gét eso' se'er net op de Leim.  
3. Szén, Anna, Brumeg (kurzsichtig)  
Brumeg: Bonjour, le'v Fröndin! Wo' bass du dann? Löss dech kossen!  
(wöllt d'Anna emärmen)  
Anna (weicht aus): Merci villmols. Mengt dir dann ech wir eso' eppes!  
An zanter we'ni sin ech dann er Fröndin? - An hu mir zwé schon  
d'Schwein matenen gehutt, datt mir per Du wiren?  
Brumeg: Eilei! 't schengt ech hu mech geirrt. Bass du dann net meng  
le'v Fröndin Maly?  
Anna (schnippech): Nén, ech sin d'Anna!  
Brumeg: Ja, wo' ass dann d'Maly?  
Anna: Eis Joffer schle'ft!  
Brumeg: Er Joffer? - A wie sit dir dann?  
Anna: Ech hun iéch et schon eng Ke'er gesöt: Ech sin d'Kächen, d'Anna!  
Brumeg (entsüt): D'Kächen! - An ech wollt d'Käche kossen?  
Anna: Maja! - Awer mácht iéch neischt draus. 't ware schon ánerer  
de' mech kösse wollten.  
Brumeg: Do ass nömmé meng verflixte Kurzsichtigkét schold.  
Anna: Mä söt emol, dir musst dach können eng Kächen vun enger Mésch-  
tesch önnerschäden. Ech máche mir jo gur neischt draus, awer wann  
ech eiser Joffer dät erzielen, datt dir mech fir sie ugekuckt huet..  
Brumeg: Em Himmelswöllen, dät därf dir net.  
Anna (schnippech): Wöllt dir mir dät vleicht verbid den?  
Brumeg: Dir därf kengem et soen.  
Anna: Ah, kuck emol elei! Grad elo soen ech jidderengem et! An elo  
gleich! (of)  
Brumeg: Dät ass eng schrecklech Perso'n! Wa meng Fröndin d'Mme. Granzeg  
eppes dervun erfihrt, dann ass már d'ganz Stádt voll. Da sin ech  
blamoren!! - Wann ech der Kächen en Drenkgeld ge'f? -- bei eso'  
Leit kann e fir Geld alles kre'en. (Während sie an hirer Posch  
e 5 Frangsteck sicht, könnst d'Granzeg eran)  
4. Szén Brumeg, Granzeg (halef dáv)  
Granzeg (ganz lues me' noh, d'Brumeg sicht nach ömmer -op d'Seit)  
Do ass d'Brumeg jo schon, de' get elo emol erschreckt! (ganz  
noh, bleiwt ro'eg bei hir ston)  
Brumeg (kuckt op, mengt 't wir d'Anna): Ah, hei sit dir jo!  
Granzeg (op d'Seit): Sie ass emol gur net erschreckt!  
Brumeg (dreckt hir d'5 Frang an d'Hand): Hei, huet dät, awer schwätzt  
ké Wurt!  
Granzeg: Wät ass an der "Furt" (eng Ströss döhém) ? (bekuckt d'Geld-  
steck): A wät soll dät héschen?  
Brumeg: De Mönch kann sech jo trompe'eren!  
Granzeg: Wät? Ech soll iéch gene'eren?  
Brumeg (op d'Seit): Ewell stellt sie sech domm!  
Granzeg (op d'Seit): Mei Gott, ass de' domm! (wöllt hir d'Geld eremgin)  
Brumeg (jeitzt rösen): Behält dät Geld! Awer söt kengem datt ech iéch  
fir eng Madame ugekuckt hun!  
Granzeg (huet halev verstanen): Wät? ?  
Brumeg (me' hart): Verziélt kengem datt ech iéch fir eng Madam ugekuckt  
hun.

Granzeg: Wät?

Brumeg: An dir sit dach nömmen eng Kächen!

Granzeg: Wät sin ech?

Brumeg (aus Leiweskräften): Eng Kächen!!

Granzeg: Wät? Ech eng Kächen?? Dir sit eng Kächen!

Brumeg: Dir!

Granzeg: Dir!

Be'd: (bröllen sech ge'genseiteg mat "Dir" un, wo'bei sie ömmer me' an d'Woll kommen, an zo'lescht mat den Nuesespötzten widdert enén leien.)

5. Szén, Vireg, Maly

Maly (durch de Radär an hirem Schlöf geste'ert, könt verschlofen eragestiermt, event. am Nuechtshiem, mat d'èrange'arter Frisur): Mä wät ass dann nömmen lass? Wät ass dat fir e Gebrölls?

Granzeg a Brumeg (matenén): Dät do. ass eng Gemenghét!

Maly: Awer, meng le'v Fröndinnen! Wät ass da geschitt Mme. Brumeg?

Wät ass da passe'ert, Mme. Granzeg?

Brumeg (fällt vu Schreck an d'Fotel): Ass dat d'Mme. Granzeg? An ech hu gemént d'wit d'Anna. Oh, de' verflixte Kurzsichtegkét!

Maly: Also e Mössverständnis! Dann ass jo erem alles gutt!

Granzeg (rôsen): Wät sôt dir vu mengem Hutt?

Maly (bröllt): 't ass erem alles gutt, hun ech gesôt!

Granzeg: Ah eso'! Oh, de' verflixte Schwe'erre'eregkét.

Maly: Eso', an elo le'v Fröndinnen, un den Dösch!

Granzeg: Oh! - wirklech Fösch?

Brumeg: Ech sin eso' frei. (wöllt sech sötzen, sötzt sech awer niéwen de Stull: Oh, de' verflixte Kurzsichtegkét!

Maly (hiéwt se op): Nujé, ech hun dach hannen och keng Aen, an ech sötzt mech nie derniéwent.

Brumeg (táscht sech virsichteg of): Ech mengen, eng hun alles gebrach

Granzeg: Wät sôt dit do? - Sin ech eng ál Knach?

Maly (op d'Seit): Dät ka jo e löschtege Chröschtowend gin! (Hart) Nömmen keng Oprégong. Mir wöllen eis gutt önnerrhålen, gutt iéssen a gu drenken....

Granzeg (schnuppert): Ech richen neischt, ... wät soll stenken?

6. Szén Vireg, Anna

Anna (könnr opgeregt eran, schwenkt en Telegramm an der Hand): En Telegramm! - Mei Gott! En Telegramm fir eis Joffer Maly! Mei Gott ech sin eso' opgeregt! Wié soll dann elo erem do't sin? O Gott O Gott!

Maly: Da get dach nömmen heihin. (reist et op a liést)

Brumeg: En Telegramm op Chröschtowend, dat ass ömmer en Iwel!

Granzeg: Dät ass emol secher. An en Zommer gehe'ert dach ké Kiwel!!

Maly (greift sech un de Kapp): Dät ass jo entsetzlech! Dät ass furcht!

Anna (wösch sech ma'm Köpp yum Schiertag d'Aen): Mei Gott! Mei Gott. Wién ass da gesturwen?

Maly: Gesturwen ass leider kén!

Anna (opbruecht): Wät ass kén do't? - A wurfir scheeßen de' Daboen dann en Telegramm, datt é bål e Schlag kritt huet vun e lauter Schreck? - Dät ass eng Gemenghét.

Maly: Mir kre'e Besuch!

Anna: Kuck emol!

Brumeg: Besuch? (spatz) Da könne mir wuel goen!

Maly: Ganz am Ge'gentél. Ech brauch vleicht èr Höllef!

Anna: Wié könnt dann?

Maly (liést den Telegramm hart vir): Liebe Tante Maly. Treffen heute bei dir ein. Deine Nichten aus dem Congo Murli a Morli. - Ä Wät sôt dir elo?

Brumeg: Murli a Morli?

Anna: Wién ass dann dat?

Maly: Ech hu keng Ahnong!

Anna: O jerom, jerom, vleicht sin et nach 2 Schwarzer!

Brumeg: 2 Mönchefrösser!

Granzeg: Dir irrt iéch, d'Mönche gin net besser, höchstens schlechter!

Maly: Wann ech nömmen we'sst wät ech mache soll. 't muss en Irrtum sin. (kuckt den Telegramm) D'Adresse stömmt gené. (greift sech un de Kapp) sollen et vleicht eisem Felix seng Kanner sij, de' vir Johren no Afrika gängen ass? a vun dém mir seithir keng Nouvell me' hun.

Anna: Dät Béscht wérdt sin, mir lössen de' 2 Negerinnen gur net eran.

Maly: Dät ass richtig, Anna. Ge'h spär d'Dir zo', an zur Secherhét reck nach de Kichendösch virdrun. Löss kén eran, a macht op ke' Fall

7. Szén Vireg, Murli, Morli.

Murli a Morli (stürmen ener gro'ssem Geheil eran a läfen a sprangen e Pur Mol em den Dösch, mat allerhand Grimassen)

De' Äner all flüchten hart jeitzend enert den Dösch)

Murli a Morli (verständegen sech durch Zéchen, gin me' no bei den Dösch, hiéwen en op a sätzen en op d' Seit, eso' datt én de' aner geseit do leien)

All (hiéwen d'Hänn): Erbarmen! Erbarmen!

Murli a Morli (mächen se'er hannert enéne pur Kniebeugongen a klappen sech derzo ôfwiesselnd mat den Hänn op d'Schenkel, dobei ruffen se hart): Schnikischnaki, Tikitaki, Schnikischnaki, Tikitaki....!

Anna (d'courage'erst vun allen, zo' dénen Aneren): Ech mengen dât do soll e Gro'ss sin.

Maly: Da misse mir sie och begre'ssen, datt se net rose gin. Mir müssen hinnen alles nomächen.

All (fänken och un Kniesuegongen a "Schnickischnaki... ze mâchen, we' d'Negerinnen.)

Murli a Morli (stirtzen op émol, mat engem Krésch op d'Maly, emärmen se stirmesch: Matand!!)

Maly (de' falsch verstét): Höllef! Höllef! sie bringe mech em, sie erdrecke mech! Sie friesse mech op! (Anna léft fort)

Brumeg a Granzeg (läfen Hals iwer Kapp dervun)

Murli a Morli (kössen d'Tatta, de' ganz schwarz get vun de Bésen): Matand! Matand!

Maly (huet endlech erkannt, datt sie nömmen begre'sst get, bero'egt sech engezermössen, mecht sech lass, betruecht virwötzig de' 2) Also, dir sit meng le'v Niésen aus dem Congo?

Murli a Morli (necken ma'm Kapp) Jo!

Maly (rödelt de Kapp): Nén, nén, ech kann et net gléwen. Ech sperren se an d'Niéwenzömmen a ruffen d'Polizei. (Dât war fir sech geschwât, dann hart): A we' gét et iéch dann? Ech sin ausser mir vu Fréd, datt dir komm sit. (op d' Seit) 't ass wirklech fir de Kapp ze verle'eren.

Murli a Morli (grinsen brét)

Maly: Sit dir also wirklech aus dem Congo?

Murli a Morli (sangen no der Weis: Was kommt dort von der Höh?)

Mir si vum Congoland,  
Mir si vum Congoland,  
Mir si vum liéderne Congoland,  
Jo, jo, Congoland,  
Mir si vum Congoland!

Während d'Musek d'Weis weiderspillt, huelsen se d'Maly an d'Mött a sprange mat hir johlend a bröllend doremer)

:/: Mir komme bei d'Matand, :/  
Mir komme bei eis liéder Tand,  
Jo, jo, bei d'Matand,  
Mir komme bei d'Matand!

Danz zu 3 mat der Maly, de' sech kräfteg wihrt. De' 3. Ströf muss richte wöll gesonge gin, mat firchterleche Grimassen, rollen vun den Aen, schmatzen mat der Zong, d'Löpsen lecken.)

:/: Mir hun se jo so' gèr, :/  
Mir hun se jo zum friesse gèr,  
Jo, jo, friesse gèr,  
Mir hun se jo so' gèr!

Danz mat der Tatta, de' sech awer gleich lassrappe kann, wo' bei sie hir falsch Trötz (Hohr) verle'ert)

Maly: Nén, friessen lössen ech mech net! (léft ôf un d'Niéwenzömmen)

Murli a Morli (hir no. - D'Bühn bleiwt e Moment eidel, eng onhémléch Ro'h!)

8. Szén Anna, Brumeg, Granzeg

Anna (streckt virsichtig d'Kapp eran): De' onhémléch Roh op émol!

(Kuckt em sech): Kén hei! Wo' sin se dann nömmen hin? (Könt ganz eran) Sie werdten se dach net opgefriess hun? Jo, mei Gott, 't ass mir schrecklech onhémléch. (geseit d'Trötz, stirtzt mat engem Kréscht drop, hiéwt s'op): Eng Trötz! (Betruecht d'Trötz, de' se mat 2 Fanger he'ch hält, matlédeg): Sie hun also dach d'arme Joffer opgefriess!

Brumeg (Könt virsichtig eran): Sin se scho fort?

Granzeg: (Könt mat engem Biésem): Wo' ass dann eis Fröndin?

Anna (schluchst): Sie lass net me' önnert de Liéwegen!

Brumeg: Em Gottes Wöllen, ass se do't?

Granzeg: We' kann én dach nömmen eso' kurzsichtig sin; schwarz sin se, an net ro't!

Anna: Sie hun eis Joffer Maly opgefriéss!

Brumeg( entsetzlech!(mecht ge'nt d'Granzeg d'Gesten vum Friéssen)

Granzeg(verstét endlech): Schrecklech! De' Arm!

Anna(hiéwt d'Trötz an d'Lücht): Dát ass alles wát vun hir iwreg bliwen ass! Berr! (ie'sst d'Trötz fälen)

Brummeg(schluchst hart): Meng Arm Fröndin!

Anna(desgleichen): Furchtbar! Furchtbar!!

Granzeg(grad eso'): O jo, Furdhtbar!

Allen 3(stin erschütter em d'Trötz)

9. Szén Vireg, Maly

Maly(könt onbemírt aus dem Niéwenzömmér, dát sie se'er hannert sech zo'gespart huet): Gefangen! Gerótt!!

Allen 3(dre'hen sech se'er zo' hir em): Ha!!

Granzeg: Bass du et?

Brummeg: Oder ass et dei Géscht?

Maly: Ech sin et!

Anna: Dir sit also net gefriéss?

Maly: Gefriéss? Jo, 't war nö drun! Awer ewell hun ech se agespart!

Granzeg(de' d'Maly gené bekuckt): Awer Fröndin, we' kucks du dann dran? Du bass jo ganz schwarz an Gesícht!

Maly: Ech?(fíhrt sech mat der Hand durch d'Gesícht) Wirklech!

Anna: Haha! Mir schengt et, d'Niésen fírwen of!

Maly: Wát solle mir máchen?

Granzeg: Mir si 4 ge'nt 2. Mir verbrígelén se a geheihen se virun d'Dir!

Brummeg: Awer secher, dát máche mir!

Anna: Mir stellen eis hei op, zo' be'd Seiten vun der Dir!

Maly: An ech gin s'eraus sichen.

Granzeg: An wann se kommen da fälen mir iwert se hir!

Brummeg: Awer secher! Dát máche mir!

Maly: Ech gin elo eran. (sperrt op, gét an, gleich drop dét sie e schreckleche Krésch a könnt eram herausgerannt.)

De' aner 3(an der Ménong 't wíren d'Negermédercher fälen iwert se hir a verbrígelén se.)

10. Szén Vireg, Ninette, Ginette

Ninette a Ginette(kommen aus dem Zömmér, geklédt we' am 2. Optrótt.

Gesícht an Hänn propper gewäsch): E sche'ne Chröscht däg!

All(führen ausernén): Ha!!

Maly: Mä, - mä... wo' kommt dir dann hir?

Ninette: Mir?

Maly: Maja, dir?

Ginette: Mir kommen aus dem Zömmér do!

Maly: Mä do waren dach 2 Negerinnen dran?

Ninette: Negerinnen?

Ginette: Dát ware mir dach, le'f Tatta!

Maly: Dir??? (de' áner íáchen all hélle op) Hahaha!

Maly: Mä wát ass íéch dann agefall? - Dát sollt dir mir be'ssen!

Ninette: Le'v Tatta Maly, Haut ass Chröschtowend. Du wolls deng Niésen Ginette an Ninette net bei dir hun, obschon mir 2 armer Wésekanne sin, de' ké Mönsh, ausser dir, op Gottes Erbuodem hun. Geseis de Tatta. du hu mir geduecht, wanns de eis net wólls ....

Ginette: Vleicht wírdén dir dann 2 Niésen aus dem Congo le'wer!

Anna: Ech platze vu láchen! Hahaha!

Maly(verléén): Ech hun náhmlech schon eso' we' eso' Besuch ... Meng 2 Fröndinnen...

Granzeg: Hahaha! Ech hu scho láng net me' eso' gelächt. Dát dét engé ausserordentlech gútt.. Le'v Fröndinnen, ech mengen mir láchen net genug. Haut, op Chröschtowend wólle mir fürfir eis duebel fréen!

Maly: Da wóll ech íéch och net länger me' be'ss sin, an èren tolle Stréch als Le'er unhuelen. Vleicht hun ech se net gestuel.

Anna: Eso' ass et richtig! Selbsterkenntnes ass den e'schte Schrótt zur Besserong.

Maly(zu de Médercher): Awer ént verlängen ech vun íéch. Dir huet als Negerinnen eso' scheusslech gesongen, zur Stróf sangt dir elo e sche'nt Chröschtlied.

De' 2.: Mat Fréden!(sangen irgend e Chröschtlied. Bei der 2. Stróf sent alles mat. -Iwer dem Singen gét d'Anna an d'Zömmér, brengt e Béachen. Sie bilden eng sche'n Grupp. iwerdém fällt de Vorhang.)

Preis vun enger Roll= 6 frs.

6 Rollen an émol Opfe'erongsrecht;=60 frs.

29.9.53  
HR